mouvement écologique

Un all Member vum
Mouvement Ecologique

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2015

Léiwe Member,

Mir lueden Iech heimatter häerzlech an op

d'Generalversammlung – de Kongress 2015 vum Mouvement Ecologique

e Samschden, 21. Mäerz 2015 vu 14.15 – 18.30 Auer
am Oekozenter Pafendall, 6, rue Vauban, Luxembourg

Nieft dem statutareschen Deel vum Kongress - Tätegkeetsbericht, Finanzrapport, Neiwiel vum Verwaltungsrot - wäerten Themen Naturschutz - Siedlungsentwécklung - Landesplanung an d'Biergerbedeelegung am Virdergrond stoen.

Och wann Dir am Laf vum Joer vläicht net u Projete vum Mouvement Ecologique deelhuelt: Eemol d'Joer bitt sech besonnesch d'Geleeënheet ze weisen, datt Dir hannert «Ärer» Organisatioun stitt. Dës Solidaritéit ass immens wichteg an hëlleft och onse Fuerderunge bei der Politik an an der Ëffentlechkeet deen néidegen Nodrock ze ginn.

Et ass vill méi wéi nëmmen eng Formalitéit. Duerfir: w.e.g. kommt op d'Generalversammlung!
An ausserdeem: se ass ëmmer eng Geleeënheet fir e flotten Austausch mat anere Leit, ureegend Diskussiounen an enger produktiver Atmosphäre ze hunn.

1. Deel vum Kongress: Statutareschen Deel

- **Begréissung** duerch den Emile Espen, President vun der Regional Stad Lëtzebuerg

- De **Bilan a Biller** vun den Aktivitéiten am Joer 2014, mat engem Ausbléck an d'Zukunft vu
  * Mouvement Ecologique
  * Oekozenter Pafendall
  * Stëftung Oekofonds
  * Klima-Bündnis Lëtzebuerg

- **D'Wuert** vun der Presidentin

- **Finanzrapport** vum Trésorier a vun de Revisoren - Décharge

- **Décharge** vum Verwaltungsrot

- **Neiwiel** vun de Membere vum Verwaltungsrot resp. vun de Keesse-Revisoren
  Kandidature fir de Verwaltungsrot solle w.e.g. schrëftlech bis de 15. Mäerz beim Mouvement Ecologique (meco@oeko.lu) eragereecht ginn.

- **Virschlag fir eng Motioun** zum Thema Biergerbedeelegung, Demokrati an Awunnerwalrecht.
  Dir kënnt se ab dem 14. März op der Homepage www.meco.lu akucken.

- **Fräi Aussprooch**

Motioune vum Verwaltungsrot oder vun engem Member, deen eng Propose eraginn huet, ginn esou wäit wéi méiglech am Virfeld op der Homepage www.meco.lu ugekënnegt. Virschléi fir Motioune w.e.g. bis de 14. Mäerz wa méiglech schrëftlech beim Mouvement Ecologique erareechen (meco@oeko.lu, Tel. 439030-1).

Bréngt Äer Memberskaart w.e.g. mat op d'Generalversammlung.

2. Deel vum Kongress:
Natur- a Landschaftsschutz - Siedlungsentwécklung a Landesplanung: Wou sti mer? Wou wëlle mer hin?

De Verloscht vun Déieren- a Planzenaarten zu Lëtzebuerg hélt nach ëmmer zou, natierlech Liewensraim ginn ëmmer méi rar. Dëst ass net nëmmen aus Naturschutzsiicht e Problem, mee och fir de Mënsch: Verloscht vu Noerhuelungsgebidder, Liewesqualitéit an awer och Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg. Sécherlech lafe positiv Initiativen an awer: den Drock op d'Biodiversitéit geet ongehemmt weider.

Et geet heibäi och ëm grondsätzlech Froen:

Wat ass de Wäert vu enger Vugel- oder Fliedermausaart par Rapport zur Terrain-Spekulatioun? Wat ass de Stellewäert vum Allgemengwuel vis-à-vis vu Privatinteressen? Ass d'Kompenséierung vun Agréff an d'Natur net iergendwéi en „Ablasshandel"? Wéi kann ee Landwirtschaft an Naturschutz, Entwécklung vun Uertschaften a Landschaftsschutz zesumme féieren? An iwwert allem erëm d'Fro: wéi stelle mir eis e Lëtzebuerg an 20 Joer vir? Wou wëlle mäer histeieren?

No enger kuerzer Introduktioun wëlle mäer Ursaache vun der Entwécklung a méiglech Léisungen diskutéieren.

Duerfir: kommt laanscht! Weist Ären Interessi a profitéiert dervun mat ze diskutéieren.

No der Gespréichsronn ass zum Ofschloss nach eng Réceptioun mat Eirewäin / -jus.

Merci, datt Dir op d'Generalversammlung kommt!

Blanche Weber
Presidentin

Emile Espen
Trésorier

Zesummen Iessen am «Oekosoph», dem Bistro am Oekozenter Pafendall – Jiddereen ass häerzlech agelueden

Owes no dem Kongress ass traditionell e gemeinsamt Iessen, fir jiddereen dee Loscht huet. Dëst Joer eng Nouveautéit: mäer iesse zesummen an eisem Bistro am Oekozenter Pafendall: sei Numm ass «**Oekosoph».** Den Oekosoph geet den 22. Abrëll op an ass ab dann all Mëttwochs a Freides jeweils vun 15.00 - 23.00 op. E gëtt vun engem Grupp vun Eirenamtleche vum Mouvement Ecologique geleed.

Profitéiert vun dëser Geleenheet gemittlech zesummen an eisem neie Bistro eppes ze iessen.

Menu 1: **Buffet de salades**
Paella végétarienne
Tarte **28.- Euro**

Menu 2: Buffet de salades
Rôti de Boeuf, sauce poivre et ses garnitures
Tarte **28.- Euro**

Mellt Iech w.e.g. un fir d'Iessen bis spéitstens Dënschdes, den 19. Mäerz,
per E-mail: meco@oeko.lu oder Gréngen Telefon 439030-1 a gitt dee vun Iech gewielte Menu un.

Mat Zuch / Bus / zu Fouss op d'Generalversammlung

- Zu Fouss kommt Dir an 10 Minute vum Fëschmaart oder vun der «Côte d'Eich»
- Mam Velo: en iwwerdachte Velosständer ass direkt beim Oekozenter
- Mam Bus: D'AVL Linn 19 fiert an de Pafendall:

Départ Hamilius, Quai 4 :13.07 / 13.37 all 30 Minuten - Arrivée Théiwesbur 13.17 / 13.47
Retour Départ Théiwesbur Pafendall: 18.31 / 19.01 all 30 Minuten - Arrivé Hamilius 19.01 / 19.31